

KINO

Kidman at her best

Wer einen glaubhaften Film über Reinkarnation sucht, ist bei "Birth" an der falschen Adresse. Wer aber eine großartige Schauspielerin sehen will, darf sich diesen Film nicht entgehen lassen.

Ein einsamer Jogger läuft durch den verschneiten Central Park. Minuten später klappt er unter eine Brücke tot zusammen. Zur selben Zeit kommt irgendwo in New York ein Baby zur Welt. Den bedeutungsvollen, in düsteren Farben gehaltenen Prolog hat Regisseur Jonathan Glazer seinem Film "Birth" bewusst voran gestellt. Schon in den ersten Minuten gibt Glazer jene Dialektik vor, um die der weitere Filmverlauf kreisen wird: Tod und Leben, Verlust und Wiederkehr.

Zehn Jahre nach dem Todesfall im Park erschließt sich Anna (Nicole Kidman), die reiche Witwe des Verunglückten, erneut zu heiraten. Am Abend ihrer Verlobungsparty klingelt unerwartet ein zehnjähriger Junge an der Tür ihres Luxusappartements und behauptet, er sei ihr verstorbener Mann. Er verlangt die Auflösung der Verlobung - und seine Frau. Anna glaubt zunächst an einen schlechten Scherz. Aber nach und nach muss sie erfahren, dass der fremde Knirps Dinge über ihr früheres Leben weiß, die nur ihr verstorbener Mann wissen konnte. Aus anfänglicher Abwehr erwächst allmählich die verrückte Hoffnung, in

dem geheimnisvollen Gast den verloren geglaubten Ehemann Sean wieder gefunden zu haben.

Zugegeben. Das klingt eher nach einem Gruselschocker oder einem obskuren Plädoyer für Pädophile als nach einer ernst zu nehmenden Auseinandersetzung mit menschlicher Trauerarbeit. Doch Glazer

dreht seinen Film ganz unaufgeregt. In dem sich der Ex-Werbefilmer auf wenige Dialoge beschränkt, die Handlung vor allem auf einen Ort - Annas Wohnung - begrenzt und auf spektakuläre Effekte verzichtet, kommt das Spiel der SchauspielerInnen umso intensiver zur Geltung. Und das ist es, was dieses bizarre Reinkarna-

tions-Märchen letztlich überzeugend macht.

Cameron Bright blickt als Mann im Kindskörper so ernst, so traurig und zugleich wissend, dass man geneigt ist, "Mr. Reinkarnation" (wie Annas Mutter den ungebetenen Gast verächtlich nennt) entgegen aller Vernunft als liebeskranken Geist durchgehen zu lassen. Übertroffen wird Brights Schauspielleistung nur noch von Kidman, die mit der trauernden Anna wohl ihre beste Rolle spielt. Wie sie, nach einer Schlüsselbegegnung mit dem kleinen Sean, in der Oper zu

den Takten von Wagners "Walküre" minutenlang um Fassung ringt und ihre Mimik dabei zwischen Unglauben, tiefer Trauer und widersinniger Hoffnung schwankt - das ist atemberaubend intensiv. Kidmans kühle Blässe, ihre mitunter nervtötende Zerbrechlichkeit: Hier ergibt das einen Sinn.

Dabei wird immer unwichtiger, ob es eine solche Reinkarnation überhaupt geben kann. Auch die Frage nach der Moralität des kindlichen Liebesangebots gerät in den Hintergrund. Annas Mutter (Lauren Bacall) mag noch so sehr an den Verstand ihrer Tochter appellieren. Die unterschwellige Stimmung in dem Upper-Class-Kokon, das gestrenge Mobiliar und die ebenso strengen Erwachsenenengesichter, von Kameramann Harris Savides ("Elephant") eindringlich in Szene gesetzt, die melancholische Musik - all das trägt dazu bei, dass das Publikum allmählich die Orientierung verliert. Wie Anna beginnt es das Unwahrscheinliche zu glauben: Weil es es glauben will.

Ines Kurschat



Atemberaubend intensiv: Nicole Kidman läuft in "Birth" zur Höchstform auf.

Im Utopolis

LETZEBUERGESCH

"Eng Ried a Lëtzebuenger Däitsch"

"E Schrëck op de Lëtzebuenger Parnassus", deen éischte gedréckte Gedichtband op Lëtzebuergesch, ass elo grad nei opgeluecht ginn. En Dokument zur Lëtzebuenger Sprooch a Kulturgeschichte.

"Ech weess net, ob der sech vill virue mir mat lerscht em onsen Dialekt bekëmmert huen." D'Zitat aus dem Antoine Meyer sengem Nowuert zu där klenger Gedichtsammlung, déi 1829 erauskoum, weist, dass den Auteur sech senger Roll als Pionéier vun der Lëtzebuenger Schrëftsprooch wuel bewosst wor. Mä hie gëtt och gläich selwer implizit zou, dass "E Schrëck op de Lëtzebuenger Parnassus" kee lyrescht Wonerwierk ass, andeems en dobäisetzt: "...a selwer den Emstand, dass ee mat der gréisster Freed eng Ried a Lëtzebuenger Däitsch, vir Jorhonnerte geschriwen, selwer hätt se wéineg literaresche Wiert, géif liesen, huet ons net ugedriwen, onse Kandskanner, vëlläicht wann ons Sprooch ganz verännert ass, déi selwecht Freed emol ze maachen."

Dësem Manktëm huet den Antoine Meyer, geléierte Mathematiker mat Sënn fir Philologie, mat senger sechs Gedichter opgehollt. Wat ee beim Liesen als Éischt frappéiert, ass allerdéngs, wéi no déi Sprooch, déi jo virun 175 Joer a Wierder gefaasst gouf, eis nach ass, och wann se den Alldag vum 19. Joerhonnert erëmgëtt. Am Gedicht "D'Nuecht" heescht et zum Beispill: "Du Nuetsstier, ruff dech hees: / Bauer vun dem Feld, / Tambur an dengt Zelt, / Läm-

mer vun der Weed, / De Kéi e Bett gestreet; / Deng Stëmm laf och an d'Stied, / Den Nonne ruff: jee bied! / Gesellen, gitt dir heem, / Géi Maurer, du vum Leem."

De Roger Muller an de "Centre national de Littérature" hu sécher Recht gehat, fir de "Schrëck" an och d'Suite dovun, de "Jong vum Schrëck op de Lëtzebuenger Parnassus" nei a kommentéiert erauszeginn. Erstaunlecherweis goufen dem Antoine Meyer seng Versen bis elo eigentlech wéineg beuecht, a wann iwwerhaupt, dann éischter op hir literaresch Qualitéit gepréift.

Interessant ass zum Beispill, dass den Auteur, wéi wuel och seng Landsleit, ganz vill héidäitsch Wierder benotzt. Dat wor anscheinend typesch fir d'Stater, déi am enke Kontakt mat de preisesche Garnisonstruppe gelieft hunn. Et weist awer och, wéi wéineg figéiert d'Lëtzebuergesch eigentlech ass, a relativéiert och all dat Gejätz em friemsproocheg Aflëss, déi eis Sprooch géife futti maachen. De Meyer huet sech awer och ganz vill drëm beméit, déi typesch Stater Aart a Weis, d'Vokaler auszschwätzen, an eng schrëftlech Form ze bréngen.

Wien sech den CD ulauschtert, op deem de Steve Karier - wéi ëmmer ganz professionnell an uspreechend, d'Gedichter virdréit, gëtt sech eréischt richtig iwwert déi ganz eege Klangfaarw bewosst, déi haut ëmmer méi rar gëtt.

Mä iwwer d'Entwécklung vum Lëtzebuergesch eraus, déi dem Meyer säi klenge Gedichtband am Verglach vu gëschter an haut méiglech mécht, ass et och e kulturgeschichtlech Dokument. Mir héiere vum Liewen an der Festungsstad, mir kréie Spiichten aus dem Wiertshaus verzielt, mä mir ginn och an de Fabelen, fir déi de Meyer eng Virléift huet, eppes gewuer iwwert de Gruet tëscht de Stänn an tëscht Aarm a Räich. Natierlech geet den Auteur vill bei anerer léinen; trotzdem entwéckelt hien awer en eegene Stil a bréngt et fäerdeg, seng Geschichte mat vill Humor ze verzielen. "D'Beicht vun der Maus" ass e besonnesch geroudent Beispill. Doriwwer eraus schneit de Fräidenker awer och Themen un, mat deenen e wuel am äerzkathoulesche Lëtzebuerg ugeekkt ass: e relativ oppenhäerzegt Liebesgedicht, oder eng ironesch beschriwene Affär tëscht engem Pater an enger Nonn.

Diskussionswäert wiren awer dem Commentateur seng Aussoen iwwert de Stellewäert

vum Lëtzebuergesch a vun der nationaler Identitéit am Antoine Meyer senger Zäit. Konzepter wéi Patriotismus an Nationalsprooch hate jo awer deemols eng ganz aner Bedeutung ewéi 100 oder 175 Joer duerno. E gutt Beispill ass den Antoine Meyer selwer, deen 1842 déi belsch Nationalitéit ugeholl huet. De Roger Muller mengt dozou: "Das geschah wohl in erster Linie aus beruflichen Gründen. Eine Abkehr von seinem Herkunftsland war kaum mit dieser Entscheidung verbunden, die er auffallend lange hinausgezögert hat." Op de Meyer sech déi Fro esou stellt huet, an enger Zäit wou Lëtzebuerg seng Onafhängegkeet nëmmen um Pabeier hat, ass awer guer net gesot.

Renée Wagener

Antoine Meyer, "E Schrëck op de Lëtzebuenger Parnassus" a "Jong vum Schrëck op de Lëtzebuenger Parnassus", Centre national de Littérature Mersch, 2004.
Den CD, gelies vum Steve Karier ass och vum Centre national de Littérature éditéiert.

